PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 2695

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

Den 10te Juni 2020 huet *McKinsey* zesumme mat *Google* een Diskussiounspabeier publizéiert mam Titel "*The future of work in Europe*", deen op Basis vun den NUTS-3 Regiounen den Aarbechtsmaart analyséiert. Fir Lëtzebuerg goufen 13,7% neien Emploi tëscht 2018 an 2030 virausgesot.

An dësem Dokument maachen d'Auteuren e puer Constaten:

- "Beyond COVID-19, automation, migration, and shrinking labor supply are shifting the geography of employment."
- "Job growth in all regions has been stronger in occupations requiring a higher level of skills"
- "As Europe ages, mobility has become the primary driver of growth in the working-age population in most clusters."
- "There is a large overlap between jobs at risk due to COVID-19 in the short term and jobs displaced by automation in the longer term."
- "The strongest job growth is projected in professional, scientific, and technical services as well as human health and social work, while the biggest decline could occur in manufacturing."

All dës Constaten hunn eppes gemeinsam an zwar, datt d'Majoritéit vun den neien Jobs wäerten a Beräicher entstoen, an deenen d'Leit eng méi héich Ausbildung brauchen an, datt duerch d'Automatisatioun och Aarbechtsplatze wäerte verluer goen, wou ee manner formal Bildung brauch.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Pläng huet d'Regierung fir dësem groussen Challenge u "Reskilling" entgéint ze trieden?

2. Wéi plangt d'Regierung d'Employéeën, deenen hirt Bildungsprofil net op déi nei

Opportunitéite passt, op dës Ännerungen ze preparéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch. vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an vum Minister fir Héichschoul a Fuerschung Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n° 2695 vum honorablen Deputéierten Sven Clement

D'Regierung ass sech der Erausfuerderung vum Re- an Upskiling vollkomme bewosst. Am Mee 2018 ass e Pilotprojet vum Aarbechtsministär zesummen mat der ADEM lancéiert ginn (Luxembourg Digital Skills Bridge) an deem et drëm gaangen ass den Entreprisen ze hëllefen hiert Personal besser fir d'Zukunft opzestellen an Entloossungen ze vermeiden. Dëse Projet ass bis November 2019 gelaaf an et konnten méi wéi 300 Salariéen an deem Kader vun Formatiounen profitéieren an déi Kompetenz kréien déi an hirem Betrib oder engem aneren gebraucht ginn an esou hir Aarbechtsplaz behalen.

Aktuell ass den Aarbechtsministär an d'ADEM amgaang eng nei „Future Skills Initiative" virzeebreeden déi 3 verschidden Aspekter huet:

1. De „Future Skills Programm" ass en neien Formatiounsprogramm vun der ADEM deen souwuel eng theoretesch Partie (Formatioun vun 3 Méint am Domaine vun den digitale an den horizontale Kompetenzen) wéi och eng praktesch Partie (6 Méint „occupation temporaire indemnisée") beinhalt. Dëse Programm gëtt zesummen mat de Formatiounsinstituter vun de Sozialpartner ugebueden (Chambre de Commerce an Chambre des Salariés) a fänkt Ufanks Oktober un.

2. Sektoriell Étuden fir besser ze verstoen wéi den Aarbechtsmaart sech zu Lëtzebuerg verännert an d'Ännerungen kennen z'anticipéieren: wat fir eng Beruffer verschwannen, wat fir eng nei Beruffer kommen a wat fir Kompetenzen mussen d'Salariéen hunn.

3. Ënnerstëtzung fir Betriber am Beräich vun der „gestion prévisionnelle des compétences" („workforce planning") fir ze kucken wat fir eng Ressourcen a Kompetenzen an der Zukunft am Betrib gebraucht ginn an d'Mataarbechter dann kënnen ze forméieren.

Am Kontext vun der Tripartite huet d'Regierung ee sou genannte « Skills-Dësch » aberuff, ënnert der Présidence vum Ministère de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. Dëse Skills-Dësch wäert justement déi Problematik diskutéieren déi hei ugeschwat gëtt. D'Regierung huet vir an Zesummenaarbecht mat allen implizéierten Acteuren Modeller auszeschaffen déi et an Zukunft sollen erméiglechen, souwuel aus aarbechtsrechtlecher wéi och aus pädagogescher Siicht esou ee „Reskilling" duerchzeféieren. Dobäi wäert och berücksichtegt ginn wat fir éng Opportunitéiten vu „Reskilling" je no dem aktuelle Kompetenzprofil vun éngem Employé kënnen envisagéiert ginn.